

# En entscheedende Schratt

Wëllkomm am Ste Elisabeth am Park

elisabeth senior



# Dir stellt Iech Froen oder hutt Bedenken ?

**Eist Haus huet 2009 seng Dieren opgemaach. Mir hunn zanterhier mat ville Leit geschwat a wëssen, datt de Schratt an en Altersheim oft e schwéiere Schratt ass.**

**Et ass heiansdo net einfach mam Alter eens ze ginn an ze mierken, datt et net méi sou geet, wéi en sech dat virstellt. Et mécht een sech Suergen, wéi laang et nach gutt soll goen, a wat op een duer kënnt.**

Vläicht stellt Dir Iech d'Fro op e Liewen an enger Gemeinschaft, dem „Altersheim", fir Iech eng Optioun wär an op Dir Iech bei eis wuelfille géift? Et ass eis wichteg, dat Dir Informatiounen an Äntwerte kritt.

Dofir proposéiere mir Iech, am klenge Grupp, Visitte vum Haus op deenen Dir Iech onverbindlech e perséinlechen Androck maache kënnt.

Gäre kënnt Dir Iech och fir eise Mëttesdësch oder fir en Oppenthalt am Vakanzenzëmmer mellen, sou kritt Dir e gutt Gespier dofir, ob Dir Iech bei eis wuelfille géift.

Et ass e Schratt dee wuel iwwerluecht soll sinn, e ganz entscheedende Schratt, awer mir héiere regelméisseg: „Hätt ech dat do gewosst, wier ech éischter komm."

# Eist Engagement




**Am Ste Elisabeth am Park schaffe mir zesummen, fir datt Dir**

- bei eis en neit Doheem fannt, wou Dir Iech sécher a gutt spiert
- e selbstverantwortlech a selbstbestëmmt Liewe kënnt féieren
- Är Liewensqualitéit erhalen oder souguer verbessere kënnt
- frëndlech a professionell Ënnerstëtzung ugebuede kritt
- wa Krankheet oder Leed optrieden, an Ärem vertraute Milieu kënnt bléiwen, wou mir eis biswww zum Enn vum Liewen, mat Häerz a Professionalitéit ëm Iech këmmeren.

## Eist Haus:

# Ste Elisabeth am Park



Eist Haus läit am Zentrum vun der Stad, direkt um Park. Matten am Liewen an awer och no un der Natur.

Mam ëffentlechen Transport kommt Dir ganz praktesch dohinner, wou Dir wëllt. Och zu Fouss ass et net wäit bis op d'Plëss, de Maart oder bis an d'Groussgaass.

Wann Dir keng Loscht hutt eraus ze goen, an onsem Hall a Brasserie sidd Dir och matten am Liewen. Hei ass de Kär vum Haus, déi Plaz, wou sech d'Leit begéinen. Direkt nieft dem Restaurant ass eis Cafeteria mat ville gemittleche Sëtzecker.

Eist Haus ass en oppent Haus. Dir kënnt zu all Moment eran- an erausgoen an Är Famill a Bekannte sinn häerzlech wëllkomm.

Eise Coiffeurssalon, eis Bibliothéik an eisen Aktivitéits-Club sinn och um Rez-de-Chaussée.

Eis Receptioun ass vu Méindes bis Samsdes vum Sekretariat besat. Sonndes an all Dag vu 16 Auer bis Mëtternuecht gëtt den Accueil an d'Garde vun engem Mataarbechter vun enger Sécherheetsfirma assuréiert.

# An eisem Haus liewen

**An eisem Haus ass Plaz fir Mënschen ab 65 Joer, déi sech an Alter, Biographie, Sprooch a Fäegkeeten ënnerscheeden an och ënnerschiddlech Wënsch an Erwaardungen hunn.**

Mir ginn ons vill Méi, Iech sou gutt wéi méiglech kennen ze léieren, fir Iech beschtméiglechst entgéint ze kommen an ze begleeden.

**Dobäi orientéiere mir eis un de Prinzipie vun:**

- Géigesäitegem Respekt
- Selbstbestëmmung
- Liewensqualitéit
- Deelhuelen um Liewe vun der Gesellschaft.

Mir leeë grousse Wäert op Frëndlechkeet an Hëllefsbereetschaft.



# Zesummen, mat Häerz a Professionalitéit, Äre Wee begleeden









Bei eis wunne Mënschen an enger besonnescher Liewensphas, dem héijen Alter. Mir sinn eis bewosst a respektéieren déi laang Vergaangenheet a perséinlech Geschicht, déi jiddweree matbréngt.

Mir si motivéiert Äre ganz perséinleche Wee ze begleeden, ab dem Moment vum Kenneléieren un.

A mir droe Suerg mat Iech zesummen d'Géigewaart, e „gudden" Alldag, ze liewen an eng rassuréiert a perséinlech Zukunft ze gestalten.

Den Interessi um Mënsch a senger Situatioun, eng individuell Betreiung an och dat gemeinsamt Liewen an Erliewen erméiglechen et de Betreier fréi ze erkennen, wann et net méi sou gutt geet a geziilt mat Iech zesumme Weeër ze sichen, fir déi Fäegkeeten nees ze förderen a beschtméiglech ze erhalen.

Mir kënnen Iech ënnerstëtzen Är Liewensqualitéit ze erhalen oder souguer ze verbesseren. Dëst a Gruppenaktivitéiten, wéi och mol individuell. Dir kënnt a sollt selwer entscheeden, ob Dir déi Hëllef wëllt an Usproch huelen oder net.

Dat kënne Berodungen oder Aktivitéiten motorescher, kognitiver oder liewenspraktescher Natur sinn.

Wann Dir fir verschidden Alldagsgesten Ënnerstëtzung braucht, steet Iech qualifizéiert an empathescht Personal zur Säit, dat Suerg dréit, datt Dir Äre Alldag sou gutt wéi méiglech liewe kënnt.

# An eisem Haus wunnen

**Mir bidde verschidde Formen vu Logementer un**

- **88 Eenzelzëmmer, dovunner 76 mat Balcon** (24,5 m²)
  **an 12 ouni Balcon** (28 m²)
- **8 Duebelzëmmer** (39 m² mat Terrass)
- **6 Appartementer** (65-89 m²)

Zëmmer an Appartementer sinn de „Privatberäich“ vun eise Bewunner, deen jiddweree sech no senge Virléifte gestalten an ariichte kann. All Bewunner kann erwaarden, dat dës Privatsphär vun de Matbewunner, awer och vun de Mataarbechter respektéiert gëtt. Eis Zëmmer hunn e fir Dependance ugepasstent Buedzëmmer a sinn equipéiert mat engem Bett an Nuetsdësch, Wandschaf, klengem Frigo, Safe an Telefonsapparat.







An 8 Vakanzenzëmmere bidde mir Iech d’Méiglechkeet eis während engem begrenzten Openthalt kennen ze léieren oder an enger Noutsituatioun betreit ze ginn.

# D'Liewe genéissen

Mataarbechter aus Restauratioun, Menage, Technik a Sekretariat si Partie intégrante vun onsem Betreiungskonzept. Si kennen ons Bewunner an hiren Entourage, si sinn och geschoult a service-iwwergräifende Leeschtungen an Aarbechtsofleef.

De Service technique an de Service Menage schaffen, fir datt eist Haus an Äre Beräich gutt an der Rei sinn, an Dir Iech net ze suerge braucht.

Op eng gesond, appetitlech präsentéiert an Äre Besoinen ugepassten Ernärung leeë mir grousse Wäert. Mir bidden eng hauseege Produktioun, mat engem saisonalen an ofwiesslungsräiche Menüplang. Eise Kach ass all Mëttes op der Plaz fir ze lauschteren an ze gesinn, ob et Iech geschmaacht huet.

Mir hunn eng Salle à manger, wou déi 3 Haaptmolzechten um Buffet oder op Wonsch um Dësch zerwéiert ginn.

Et ass Iech wichteg zesumme mat Ärem Entourage kënnen z'iessen? Är Frënn a Famillje si gär a regelméisseg wëllkomm. Op Umeldung reservéiere mir Iech e privaten Dësch, ausserhalb vun der Salle à manger.

Wann Dir bei eis am Haus, an engem separate Milieu, eng Privatfeier wëllt organiséieren, steet Iech eis Restauratiounsequipe bei Berodung, Offer an Duerchféierung gär zur Säit.

Fir Feierdeeg oder aner saisonal Evenementer, proposéiere mir ëmmer nees kulinaresch flott Menüen an Aktivitéiten.









# Zesummen(er) liewen

**E flotten Aktivitéits- a Manifestatiounsprogramm gehéiert derzou fir den Alldag ofwiesslungsräich a geselleg ze erliewen. Mir maachen uspriechend a villfälteg Proposen. Dir kënnt aktiv matmaachen oder einfach Gesellegkeet fannen. Sech austauschen, poteren, zesumme Spaass a Kreativitéit hunn stinn hei am Mëttelpunkt. Fir Diversitéit gi verschidden Aktivitéite regelméisseg an engem intergenerationelle Kader, mat Jugendlechen, Kanner oder aner externe Gruppen organiséiert.**

Gäre kënnt Dir och mat Ären Iddien zu dësem Aktivitéitsprogramm bäisteieren.

- Kognitiv Hauszeitungsredaktioun
- Quiz
- Kierperlech Aktivitéiten
- Manuell Atelieren
- Baken, Kachen
- Keelespillen
- Danzen, Trommelen
- Ausflich, ...

Well dësen Austausch mat de Matbewunner awer och mat der Famill, de Bekannten an de Gäscht esou beräichernd a wäertvoll ass, organiséiere mir mat de Bewunner a Benevolen zesumme grouss „Kalennerfester“ déi schonn Traditioun hunn.












# Dir hutt Froen, mir si gäre fir lech do:

| | |
|---|---|
| **Receptioun:** | 2745 - 9000 |
| **Vakanzenzëmmer:** | 2745 - 9000 |
| **Mëttesdësch:** | 2745 - 9000 |
| **Assistante sociale:** | 621 175 834 |

seap@elisabeth.lu **seap.elisabeth.lu**

**/elisabethsenior.lu**

**/elisabeth.senior**



**Ste Elisabeth am Park**
19, av Emile Reuter | L-2420 Luxembourg
T +352 2745-9000 | F +352 2745-8000
E seap@elisabeth.lu

elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg